ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister, d'Madame Banneminister an den Här Minister fir Klimafroen iwwer d'Aussoen vum Här Minister fir Klimafroen iwwer e méiglechen Zesummenhank tëschent Aktivitéite vun der Russescher Federatioun an dem Austrëtt vum Vereenegte Kinnekräich aus der Europäescher Unioun wéi och zum sougenannte "Populismus" an der Gerechtegkeetsfro bei engem Referendum.

De 19. Januar wor den Här Minister fir Klimafroen beim "Background" um RTL-Radio invitéiert. Bei där Geleeënheet huet hien e breede Spektrum vun politeschen an europapolitesche Froen ugeschwat an, zum Beispill, gemengt datt hannert der Decisioun fir de Brexit am britesche Referendum vum 23. Juni 2016 kéinten Aktivitéiten vun der Russescher Federatioun gesi ginn. Den Här Minister Turmes, dee jo a senger Capacitéit als Member vun der Regierung op de Radio invitéiert war, huet gesot, datt "mir" wéissten datt räich Engländer d'Campagne fir de Brexit finanziell ënnerstëtzt hätten, "wahrscheinlech mat russescher Ënnerstëtzung".
Den Här Minister Turmes huet an där Emissioun och eng Rei vun auslännesche Staats- a Regierungscheffen als "Populiste" bezeechent.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi definéiert d'Lëtzebuerger Regierung de Begréff "Populist"? No wéi enge Kritäre bezeechent e Member vun der Lëtzebuerger Regierung auslännesch Staats- a Regierungscheffen als "Populisten"? Ass d'Regierung der Meenung datt esou Ëmgangsformen mat Staats- a Regierungscheffe vu Partnerstaaten aus der NATO an der Europäescher Unioun den Interessie vu Lëtzebuerg notzen?
2. Ass d'Regierung der Meenung datt Lëtzebuerg e Referendumsgesetz brauch, datt Reegelen fir e fairen Oflaf vun engem Referendum virgesäit, inklusiv bei der Finanzéierung vun der Campagne?
3. Huet déi britesch Regierung zu iergend engem Zäitpunkt gesot, dat d'Campagne fir de Referendum iwwer de Brexit net fair gewiescht wär, besonnesch am Hibléck op hir Finanzéierung? Wa jo, huet d'Regierung dozou Dokumenter?
4. Huet déi britesch Regierung zu iergend engem Zäitpunkt gesot, datt Russland sech direkt oder indirekt an d'Referendumscampagne iwwer e méigleche Brexit agemëscht hätt? Wa jo, huet d'Regierung dozou Dokumenter?
5. Wie mengt den Här Minister Turmes mat "mir", wann hie seet, datt "mir" haut wéissten, datt räich Engländer, "wahrscheinlech mat russescher Ënnerstëtzung", d'Campagne fir de Brexit finanzéiert hätten? Den Här Minister Turmes huet dobäi betount, dat wäre "keng

Mutmassungen". Wéi eng Erkenntnesser huet déi lëtzebuergesch Regierung an där Fro? Op wéi eng Rapporten bezitt sech dobäi den Här Minister fir Klimafroen?

6. Den Här Minister Turmes huet vun engem « Destabiliséierungsversuch » geschwat. Déi Russesch Federatioun géing probéieren fir Europa ze schwächen. Ass dat d'Analys vun der Lëtzebuerger Regierung? Wa jo, wéi eng Beweiser huet d'Lëtzebuerger Regierung fir déi Thees?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten